STATUTEN

natur&ëmwelt Sektioun Mëllerdall a.s.b.l. (RCS F1261)

1. Numm — Sëtz — Zweck

Art. 1 Den Numm vum Veräin ass :
natur&ëmwelt Sektioun Mëllerdall a.s.b.l.
als “association membre” vun der natur&ëmwelt a.s.b.l. (RCS F9032).

Veräinssëtz: 24,rte de Luxembourg L-6210 Consdorf

Art. 2 Zesummesetzung
De Veräin setzt sech zesummen aus de Comitésmemberen, de Keessekontrolleren an de Memberen.

Art. 3 Zweck vum Veräin:

1) Erhale vun natierleche Landschaften an hire Liewensraim
2) Sensibilisatioun fir Natur & Ëmwelt duerch Aktivitéiten, Informatiounsmaterial
3) Schutz a Studium vu Fauna a Flora
4) Alles, wat dem Natur- an Ëmweltschutz déngt

2. Veräinsschaffen:

Art. 4 Fir deen Zweck ginn an de Gemengen vun der Regioun Mëllerdall

1) Versammlungen ofgehal
2) Aktivitéite fir de grand public organiséiert
3) Naturschutzgebidder geschaf fir verschidden Déieren a Planzen
4) Aktiv Naturschutzaarbechten um Terrain gemaach.

Art. 5 De Veräin muss op d'mannst 5 Memberen hunn.

Art. 6 Jidderee ka Member ginn.

Art. 7 Jidder Member bezilt all Joer de Bäitrag, deen an der Generalversammlung vun natur&ëmwelt a.s.b.l. (RCS F9032) festgesat gëtt.(D’ Maximalcotisatioun ass 250 €).

Art. 8 All Member huet d'Recht, zu jidder Zäit aus dem Veräin auszetrieden. Et ass een net méi Member, wann ee seng Memberskaart net bezilt.

Art. 9 All Member, dee géint d'Intresse vum Veräin handelt, kann duerch d’Generalversammlung ausgeschloss ginn.

3. Féierung:

Art. 10 De Veräin gëtt vun engem Comité geleet, deen op d'mannst aus 5 an héchstens 15 Membere besteet.
D’Membere vum Comité verdeelen bannent engem Mount no de Walen eng Rei Chargen ënnert sech: 1 President(in), 1 Sekretär(in) an 1 Caissier(ère).

Art. 11 All Joer muss am Laf vun den 3 éischte Méint eng Generalversammlung ofgehal ginn. All Member gëtt schréftlech agelueden a kritt an engems matgedeelt, wéini a wou d'Versammlung ass a wat um Programm steet. De Comité presentéiert de Joresbilan an de Budget.

Art. 12 All Joer gëtt an der Generalversammlung een Drëttel vum Comité nei gewielt. Déi zwou éischte Kéiere ginn déi, déi austrieden, duerch d'Lous bestëmmt. Mellt keen neie sech an hält keen op, bleift de Comité deeselwechten.

Art. 13 Comitésmembere ginn déi, déi an der Generalversammlung déi meeschte Stëmme kréien. Hunn der 2 oder méi déiselwecht Stëmmen, gëtt fir si nach eng Kéier gewielt.

Art. 14 An der Generalversammlung ginn Keessekontrollere gewielt.

Art. 15 All Kandidat fir de Comité muss sech spéitstens bis virun der Generalversammlung beim (bei der) President(in) mellen.

Art. 16 Et muss ee 16 Joer hu fir an de Comité ze kommen.

Art. 17 Déi nei Comitésmembere verdeele bannent engem Mount déi verschidde Posten ënner sech.

Art. 18 Am Joer sinn op d'mannst véier Comitéssëtzungen.

Art. 19 All Décisioun muss vun der Majoritéit vum Comité geholl ginn; op d'mannst d'Halschent vun de Comitésmembere muss awer do sinn. Bei Stëmmegläichheet entscheet de (d') President(in).

Art. 20 D' Rapporte vun der Generalversammlung ginn an de Register RCS agedroen.

4. Finanzen

Art. 21 De Veräin kënnt zu Geld :
-duerch d' Cotisatioune vun de Memberen.
-duerch Subsiden oder Spenden.
-duerch den Erléis vu Fester, Lotterien asw.
-duerch d'Zënse vum Veräinskapital.

Art. 22 De Veräin däerf keng Schold maachen.

Art. 23 Wa mat dem Veräinsgeld en Terrain kaf gëtt, gëtt natur&ëmwelt Fondatioun Hëllef fir d'Natur (RCS G26) Besëtzer dervun.

5. Verméigen

Art. 24 D'Verméige vum Veräin besteet aus :
-dem Geld, wat an der Keess, op de Konten an op de Spuerbicher ass.
-dem Mobilier, dem Handwierksgeschir, de Bicher an den Zäitschréften aus der Veräinsbibliothéik asw.

6. Statutenännerungen

Art. 25 De Comité oder op d'mannst 1/3 vun de Veräinsmembere kann ufroe fir d'Statuten ze änneren.

Art. 26 D'Ufro fir d'Statutenännerung(en) muss op d'mannst 1 Woch virun der Generalversammlung un de Comité schréftlech geschéckt ginn. Eng Ännerung trëtt awer eréischt a Kraaft, wann se vun 2/3 vun de Membere guttgehale gëtt. 2/3 vun de Membere mussen, dem Gesetz no, do sinn, soss muss eng zweet Generalversammlung (ausseruerdentlech Generalversammlung) mat der Majoritéit vun der Halschent vun de Memberen (+1), déi an der Versammlung sinn, d'Ännerung unhuelen (Absolut Majoritéit).

7. Opléisung

Art. 27 De Comité oder op mannst 1/3 vun de Veräinsmemberen kann ufroen fir de Veräin opzeléisen.

Art. 28 Fir de Veräin opzeléisen mussen op mannst 2/3 vun de Memberen, déi an der Generalversammlung sinn, an d'Opléisung muss mat 2/3 Majoritéit vun de Memberen, déi an der Generalversammlung sinn, décidéiert ginn.
Ass dat net de Fall, kann eng ausseruerdentlech Generalversammlung aberuff ginn. Do gëtt d'Opléisung décidéiert, wann d'absolut Majoritéit vun deene Memberen, déi an der Versammlung sinn, dofir stëmmt.

Art. 29 Wann de Veräin opgeléist gëtt, décidéiert d'Generalversammlung wat mam Verméige geschitt: et fält un
- Gemeng Konsdref (Office social régional)
- oder un natur&ëmwelt a.s.b.l. (RCS F9032)
- oder un natur&ëmwelt Fondation Hëllef fir d'Natur (RCS G26).

D'Verméige kann ënner deene méiglechen Beneficiairen opgedeelt ginn.

Allgemenges

Art. 30 De Veräin verhält sech politesch neutral.

Art. 31 All déi hei net genannte Fäll ginn iwwert d'ASBL-Gesetz geregelt.
Sollt de Veräin duerch iergend eng Ursaach seng Personalitéit civile verléieren, bleift hien awer provisoresch oder definitiv als Association de fait bestoen.

Art.32 Dës Statute goufen an der ausseruerdentlecher Generalversammlung vum _____zu _____ ugeholl an triede gläich a Kraaft.
D'Statutenännerung gouf an enger ausseruerdentlecher Generalversammlung vum _____ zu _____ vum Comité ënnerschriwwen a vun der Versammlung ugeholl.

Zesummesetzung vum Comité

Numm a Virnumm	**Adress**	**Ënnerschrëft**